

Reese mam Déier wierklech ee Pleséier ?



Fir vill Déierebesëtzer gött et wahrscheinlech näischt méi Schéines wéi mat sengem treie Frënd op 4 Patten an d'Vakanz ze goen. Op et fir genau dee Frënd awer och sou ee Pleséier ass, mat op d'Rees ze goen, froe sech vläicht déi mannst.

Fir eng Rees mat Déier beschtméiglechst virzebereeden, sollt ee fréizäiteg ufänke mat organiséieren an eng Rei Punkte berécksichtegen.

Dr. vet. Myriam Bormann, Déierendokter

1. Soll ech mäin Déier wierklech mat an d'Vakanz huelen?

Fir vill Déiere bedeit et Stress aus hirem gewinnten Ëmfeld a Rhythmus erausgeholl ze ginn, och wa se doduerch bei hirem Meeschter kënnen bleiwen. Déi meescht Kazen z.Bsp. verkraaften et besser, ouni hire Meeschter am gewinnten Ëmfeld ze bleiwen an hirem üübleche Rhythmus nozegoen. Si gi sech oft zefridden, wann ee feinen, hinne scho bekannte Mënsch all Dag no hinne kucken kënnt. Eng aner Alternativ sinn Déierepsiounen, wou een awer scho laang am Virus sollt reservéieren an och schonn deen een oder aneren „Testlaf“ sollt probéiert hunn. Och sollt ee sech iwwerleeën ob d'Klima vun der

Vakanzendestinatioun dem Déier a sengem Gesondheitszoustand ugepasst ass. Nordeschen Hondsrassen z.Bsp. ass et am Süden einfach ze waarm a si riskéieren eventuell en Hëtzs Schlag. Häerzpatienten setzt d'Hëtzt genau esou zou wéi Héichten iwwert 1000m, wou ee se besser net mathëlt.

Fir vill Déiere bedeit et Stress aus hirem gewinnten Ëmfeld a Rhythmus erausgeholl ze ginn, och wa se doduerch bei hirem Meeschter kënnen bleiwen.

2. Wat fir een Transportmëttel ass dat Beschit fir mäin Déier?

Leider winne sech net all eis pelzeg Frënn un d'Fueren oder d'Fléien. Och si kënnen reeskrank ginn oder sin oft nervös an onroueg während der Rees. Dëst bedeit net nëmme Stress fir d'Déier, mee och Stress fir déi aner Passagéier. Et gi Medikamenter géint Reeskrankheet an och fir ze berouegen. Da sollt ee sech allerdéngs froen, ob et net besser wier, d'Déier guer net eréischt mat op d'Rees ze huelen, wann et ouni Berouegung net geet. Et ka sinn, datt den Déierendokter, jee no Gesondheitszoustand vum Patient, souguer ofréit dësen ze berouegen, well déi Medikamenter awer gewësse Risiken an Niewewierkunge kënnen hunn an net liichtfäerdeg sollen agesat ginn, just fir eis Mënschen d'Situatioun ze vereinfachen.

Net ze vernoléisseggen ass d'Sécherheet fir d'Déier an déi aner Passagéier während der Rees. Hei fir ginn et ënnerschiddlech national Reegelingen, iwwer déi ee sech am Virus sollt informéieren. Am Auto kann den Hond beispillsweis mat engem spezielle Broschtgeschir um Autosgurt ugestréckt ginn oder an enger fest installierter Box leien. Wann d'Transportbox net ka fest installéiert ginn, soll se kënnen mam Gurt festgemaach ginn an néierens schaarf oder spatz Plazen hunn, un deenen d'Déier oder de Mënsch sech kéinte verletzen. Och soll se fest zou sinn, net datt d'Déier op eemol duerch den Auto/Zuch/Fliger rennt, wat zu Accidenter ka féieren. Wann ee säin Déier fréi genuch u seng Transportbox winnt, dann ass d'Chance méi grouss, datt et sech doranner wuel fillt a sech roueg verhält. Ausserdem sollt ee regelméisseg Pausen aplangen fir sengem Déier ze drénken an z'essen ze ginn. Dobai kënn d'Déier an d'frësch Loft, ka sech e bësse fräi beweegen a propper maachen. Et gétt näämlech besonnesch am Summer schnell stéckeg an engem zouene Gefier, a besonnesch fir häerzkrank oder déi mat chroneschen Otemwegserkrankunge geplote Patienten kann dëst och mol déidlech enden. Dofir sollt een en Déier och nie eleng am Auto loossen, besonnesch wann et waarm dobaussen ass. Eng Klimaanlag oder eng oppe Fënster ginn an esou Fäll oft net duer an den Zoch, deem d'Déier während der Faart ausgesat ass, bréngt heefeg eng Bindehautentzündung mat sech.

Am Zuch dierfen d'Veierbeener entweder an enger Transportbox oder awer un der Léngt an oft mat Maulkuerf matreesen. Hei sollt een sech virum Depart am Beschten iwwer déi genau Konditiounen bei der Zuchgesellschaft informéieren.

Et ka sinn, datt den Déierendokter, jee no Gesondheitszoustand vum Patient, souguer ofréit dësen ze berouegen, well déi Medikamenter awer gewësse Risiken an Niewewierkunge kënnen hunn an net liichtfäerdeg sollen agesat ginn, just fir eis Mënschen d'Situatioun ze vereinfachen.

Wann ee säin Déier mam Fliger wëll mathuelen, sollt ee fréizäiteg mat der Fluggesellschaft klären, ob et an der Kabinn oder am Frachtraum matreest, wat fir eng Uspréich d'Transportbox muss erfëllen a wéi vill dat kascht. Wann d'Déier an de Frachtraum muss, ass et sënnvoll däitlech op Transportbox ze schreiwen (eventuell op Englesch oder eng aner international Sprooch), datt et sech ëm e liewegt Déier handelt a wou uewen an ënnen ass. Ausserdem ass et gutt, eng Kopie vun de Pabeiere vum Déier sou wéi Är Donnéeën dru fest ze maachen. Eng saugfäeg Einlag um Buedem vun der Box hëlleft falls d'Déier ënnert sech mécht oder sech iwwergëtt. Wichtig ass och de permanenten Zougang zu Dréinkwaasser während dem Flug ze versécheren, dofir denkt un e gutt befestegten a gefëllte Waassernapf a senger Box. Am Beschte bucht een en Direktfluch an et hëlt ee säin Déier direkt no der Landung och erëm schnell of (Pabeieren net vergiessen!).

3. Wat fir Pabeiere gi gebraucht fir mat engem Déier ze verreesen?

Wichtig ass et, sech dës Fro mindestens 6 Méint viru Reesufank ze stellen, well fir verschidde Länner speziell Reegelunge gëllen, déi et erfuederen, laang am Virus Tester oder Impfungen fir säin Déier maachen



ze loossen. Ausserdem sollt een och scho genau wësen a wat fir ee Land (an eventuell Bundesland, Kanton, Regioun...) ee reese wëll an duerch wat fir eng Länner een duerchreest, fir och déi eenzel Bestëmmunge (wéi z.Bsp. Léngtenzwang, Maulkuerfflicht, Entwuermungslicht...) vun dëse Plazen ze respektéieren. Net vergiesse sollt een dann och d'Bestëmmungen fir aus dem Vakanzenuert erem zréck op Lëtzebuerg anzereesen.

Dës Reesbestëmmunge si vu Land zu Land verschidden an änneren och stänneg. Dofir sollt ee sech am Beschte virun all Rees nei informéieren, z.Bsp. bei engem Veterinaire, der respektiver Ambassad, der Veterinairesadministratioun oder op www.lak.lu. Fir all Hond, Kaz a Frettchen, deen iwwert d'Grenze vu Lëtzebuerg erausgeet ass prinzipiell den europäesche Pass, de Mikrochip an eng gëlteg Tollwutimpfung Pflicht. Nieft dësen Obligatiounen dierfen zënter dem 29.12.2014 an deene meeschten EU-Länner keng Déieren, déi méi jonk wéi 15 Wochen sinn, areesen, well virun dësem Alter d'Tollwutimpfung, déi mat fréistens 12 Wochen ka gemaach ginn, net gëlteg ass. Lëtzebuerg huet do eng Ausnamereegelung erwierkt, déi awer speziell Pabeieren erfuerdert. Informéiert lech also onbedéngt bei Ärem Déierendokter ier Dir en Déier aus dem Ausland mat op Lëtzebuerg bréngt.

Dës Reesbestëmmunge si vu Land zu Land verschidden an änneren och stänneg. Dofir sollt ee sech am Beschte virun all Rees nei informéieren, z.Bsp. bei engem Veterinaire, der respektiver Ambassad, der Veterinairesadministratioun oder op www.lak.lu.

4. Wat fir eng speziell Gesondheitsrisike fir mäin Déier bestinn op menger Vakanzendestinatioun?

Et gi vill verschidde Krankheeten, déi net iwwerall op der Welt virkommen, mee nëmmen a bestëmmte Länner oder Regiounen. Sou kann et sinn, datt Äert Déier sech an der Vakanz mat enger Krankheet ustécht, déi et hei zu Lëtzebuerg (nach) net gëtt. D'Risiken heivun sinn enger-saits déi vun der Krankheet selwer, awer och déi, dass



d'Symptomer eventuell net schnell genuch erkannt ginn, well fir d'éischt un eenheemesch Krankheete geduecht gëtt. Ausserdem gëtt et keng rechtlech Verflichtung, fir d'Déiere bei all Arees op „Reeskrankheeten“ ze testen, an d'Käschte vun esou Tester mussen vum Besëtzer gedroe ginn. En anere grouesse Gesondheitsrisiko ass, datt sech duerch d'Reesen och Krankheeten a virdru fräie Regiounen kënnen etabléieren, an esou nei endeemesch Foyeren an eise Géigenden entstinn. Da kënnen zukünfteg och déi Déieren, déi net op d'Rees waren, sech „doheem“ dermat ustiechen an d'Krankheet sech weider ausbreeden. Zu gudder Lescht si verschidde vun dëse Krankheeten och fir eis Mënsche geféierlech a kënnen sech vum Déier op eis iwwerdroen.

Déi geografesch Verbreedung vun dëse Reeskrankheeten ännert sech stänneg, dofir ass et rotsam sech virun all Auslandsopenthalt mat sengem Déier bei engem Veterinaire ze informéieren. Dëse kann lech soen, wat fir eng Krankheeten am Vakanzengebitt heefeg virkommen, wat fir eng Präventioun Dir kennt uwennen an/oder op Dir Äert Déier bestëmmten Ennersichungen oder Tester sollt ennerzéien.



Grundsätzlech präventiv Moosnamen, déi ville vun dese Krankheete virbeugen, sinn eng korrekt Präventioun géint Zecken, Mécken a Moustiquen, am Beschte mat engem ofweisenden an déidende Mëttel.

Grundsätzlech präventiv Moosnamen, déi ville vun dese Krankheete virbeugen, sinn eng korrekt Präventioun géint Zecken, Mécken a Moustiquen.



Zousätzlech gëlt et säin Déier deeglech op Zecken ofzesichen an dës esou séier wéi méiglech erauszehuelen. Géint verschidde Krankheeten ginn et och Impfstoffer, deenen hiren Notzen awer deels emstridden ass. Fir säin Déier engem niddregen Ustiechungsrisiko auszusetzen, sollt ee Plazen, wou et Zecken, Moustiquen a Mécken ginn, vermeiden an et an der Dämmerung an nuets dobannen halen. Loosst Äre Véierbeener am Beschten net ouni Léngt op friemem Terrain lafen, limitéiert de Kontakt mat friemen an härelosen Déieren, loosst en net aus frieme Waasser- a Fuddernäpfe iessen an drénken oder Kot vun aneren Déiere friessen, well e sech do séier mat Krankheeten ustieche kann.

Als Lescht nach e puer Rotschléi, déi op kenger Vakanzchecklëscht sollte feelen:

- Telefonsnummer vum Hausdéierendokter an Adress an Telefonsnummer vun engem Veterinaire op der Plaz
- Medikamenter fir scho bekannte Krankheeten, Antiparasitika, eppes géint Duerchfall, Desinfiziermëttel mat Kompressen a Verband fir kleng Wonnen ze versueren, Wundheilsalbe, Zeckenzaang...
- Hygienesartikele wéi Kottuten, Kazestreu mat Kazentoilet, Boxe fir leefeg Mudderen, Zännbiischt, Shampooing...
- Dat gewinntent Fudder an där néideger Quantitéit plus eng kleng Reserve fir den Noutfall
- Den üblechen Zubehör wéi Napf, Léngt, Halsband, Transportbox, Maulkuerf, Kuerf/Decken, Schwammwest...
- Impfpass an Dokumenter zu Krankheeten, Onverträglechkeeten... vun Ärem Déier
- Loosst Äert Déier kee Sand, keng Muschelen a kee Salzwasser iessen oder drénken. Duscht den Hond nom schwammen am Mier ëmmer gutt mat Séisswasser of.
- Och Déiere kënnen Sonnebrand kréien – besonnesch déi mat hellem a kuerzem Fell, an op Plaze wou net vill Fell ass. De beschte Sonnenschutz ass de Schied a Sonnecreme op deene strategesche Plazen (do muss een awer oppassen, datt d'Déier d'Creme net ofleckt)

Trotz aller Virsicht, Wätsicht an Organisatioun gëtt et leider keng Garantie fir eng gelongen a gesond Vakanz. Hoffentlech konnt dësen Artikel derzou bäidroen, déi verschidde Facetten zum Thema „Vakanz mam Déier“ ze beliichten an Är nächst Vakanz gutt geplangt ze genéissen. ●